



tif à une juridiction unifiée du brevet, signé à Luxembourg, le 1<sup>er</sup> octobre 2015

Dépôt: M. Jean Asselborn, Ministre des Affaires étrangères et européennes, le 17.02.2016

**6948** - *Projet de loi portant approbation de l'Accord entre les États Benelux (le Royaume de Belgique, le Grand-Duché de Luxembourg et le Royaume des Pays-Bas) et la République du Kazakhstan relatif à la réadmission des personnes en situation irrégulière et de son Protocole d'application signés à Bruxelles, le 2 mars 2015*

Dépôt: M. Jean Asselborn, Ministre des Affaires étrangères et européennes, le 17.02.2016

**6949** - *Projet de loi portant approbation de l'Accord entre le Royaume de Belgique, le Royaume des Pays-Bas et le Grand-Duché de Luxembourg concernant l'intégration de la sécurité aérienne en vue de répondre aux menaces posées par des aéronefs non militaires (Renegade), signé à la Haye le 4 mars 2015*

Dépôt: M. Jean Asselborn, Ministre des Affaires étrangères et européennes, le 18.02.2016

**6950** - *Projet de règlement grand-ducal portant abrogation du règlement grand-ducal modifié du 2 juillet 1992 relatif aux récipièntes à pression simples*

Dépôt: M. Etienne Schneider, Ministre de l'Économie, le 19.02.2016

**6951** - *Projet de règlement grand-ducal abrogeant le règlement grand-ducal du 21 janvier 2000 concernant les équipements sous pression*

Dépôt: M. Etienne Schneider, Ministre de l'Économie, le 19.02.2016

**6952** - *Projet de loi modifiant la loi modifiée du 5 août 1993 concernant l'utilisation rationnelle de l'énergie*

Dépôt: M. Etienne Schneider, Ministre de l'Économie, le 19.02.2016

**6954** - *Projet de règlement grand-ducal portant abrogation du règlement grand-ducal modifié du 27 août 1976 portant application de la directive CEE du 19 février 1973 concernant le rapprochement des législations des États membres relatives au matériel électrique destiné à être employé dans certaines limites de tension*

Dépôt: M. Etienne Schneider, Ministre de l'Économie, le 22.02.2016

3) Les demandes de pétition publique suivantes ont été déposées:

**Demande de pétition publique n°595** - Chèque-service: suppression de l'inégalité de la contribution du ministère en fonction de la solution de la garde

Dépôt: M. Guy Hengel, le 18.01.2016

**Demande de pétition publique n°596** - Pour le droit aux écoles privées pour tous: des écoles privées dans le secteur du handicap et le secteur des enfants à besoins spécifiques

Dépôt: Mme Marguerite dite Maggy Duchêne épouse Wagner au nom de Schrëtt fir Schrëtt asbl, le 19.01.2016

**Demande de pétition publique n°597** - Augmenter le congé extraordinaire pour naissance/adoption en diminuant celui pour mariage/déclaration de partenariat

Dépôt: M. Pierre Guillaume, le 22.01.2016

**Demande de pétition publique n°598** - Considérer les animaux comme êtres vivants

Dépôt: M. Carlo Junck, le 25.01.2016

**Demande de pétition publique n°599** - Abolition du congé collectif

Dépôt: Mme Lurdes Maia, le 25.01.2016

**Demande de pétition publique n°600** - Vorschlag zur Änderung der Dauer des Urlaubs aus familiären Gründen pro Elternteil.

Dépôt: M. João Lima Da Cruz, le 21.01.2016

**Demande de pétition publique n°601** - Immigration sélective

Dépôt: M. André Da Silva, le 25.01.2016

**Demande de pétition publique n°602** - Rendre obligatoire la promulgation des informations au public en luxembourgeois à côté du français ou de l'allemand

Dépôt: M. Vusal Gafarov, le 27.01.2016

**Demande de pétition publique n°603** - Stop à la facturation des convenances personnelles CP1 à CP4 de la part des médecins et dentistes

Dépôt: M. Stefano Botta, le 29.01.2016

4) Conformément à l'article 168.- (5) du Règlement de la Chambre des Députés, la Conférence des Présidents, en l'absence d'une séance publique en temps utile pour respecter le délai de 8 semaines, a décidé à l'unanimité de l'envoi d'un avis motivé sur la résolution du Parlement européen du 11 novembre 2015 sur la réforme de la loi électorale de l'Union européenne et sur

le projet d'acte législatif «Proposition de décision du Conseil adoptant les dispositions modifiant l'acte portant élection des membres du Parlement européen au suffrage universel direct (2015/2035(INL)) et (2015/0907(APP))».

(Tous les documents peuvent être consultés à l'administration parlementaire.)

## 3. 6938 - Proposition de révision de l'article 32, paragraphe 4 de la Constitution

### Déclaration de recevabilité

Da wollt ech d'Chamber informéieren, dass an hirer Reunioun vum 28. Januar sech d'Präsidentenkonferenz fir d'Recevabilitéit vun enger Ofännerungsprozedur vun eiser Verfassung ausgeschwat huet. Et handelt sech ëm d'Proposition de révision 6938, eng Ofännerung vum Artikel 32 Paragraf 4 vun der Verfassung, déi den 20. Januar vum Här Alex Bodry deponéiert gouf.

An ech wollt d'Chamber froen, ob se sech dem Virschlag vun der Präsidentenkonferenz uschléisst.

### (Assentiment)

Da soen ech Merci.

## 4. Discours de M. le Président

Ech wollt der Chamber dann nach folgend Informatioun weiderginn: Virun enger Woch hate mer hei an der Chamber eng Sëtzung, fir d'Deputéiert doriwuer ze informéieren, wéi se an deem dofir ageriichtene Liessall am Ausseministère déi virleefeg Texter vun den TTIP-Verhandlungen kéinte konsultéieren. Mir haten hei am Haus eng gutt Diskussioun, wou déi Modalitéite kritesch belicht goufen.

Doropshin, an als Konklusioun zu deenen Diskussiounen, hunn ech Kontakt mam Ausseminister opgehooll an e pragmatesche Wee fonnt, wou d'Deputéiert hir Verantwortung vis-à-vis vu klassifizierten Dokumenter iwwerhuelen am Respekt vun hirer Aarbecht am politeschen Débat an ouni dass een hinne mat Sanktiounen muss wénken. Ech soen dem Ausseminister Merci fir déi rasonabel Léisung. An ech wëll preziséieren, dass et dësen Accord ass, dee mer fonnt hunn, dee vun eis ënnerschriwwen wäert ginn, vun deenen, déi wëllen an de Liessall goen.

Am Laf vun der Sëtzung wäerte mer de geneeën Text dovun verdeelen an Dir wäert Iech iwwerzeegen kënnen, dass dat a kenger Hisiicht eis Aarbecht, déi mer dem Land als Deputéiert schëlleg sinn, wäert behënneren.

Merci och un déi Kolleegen, déi mat derzou bäigedroen hunn, dass mer deen doten Accord konnte fannen. Wéi gesot, den Text an d'Modalitéite ginn am Laf vun der Sëtzung un all Deputéiert verdeelt.

## 5. Ordre du jour

Dann huet d'Präsidentenkonferenz den Ordre du jour, deen Der zougestallt kritt hutt, virgeschloen. Ech wollt just eng Nuance zu deem Projet d'ordre du jour bréngen: De Projet de loi 6816 iwwert d'Traçabilitéit vu pyrotechnesche Produkter, deen haut als véierte Punkt um Ordre du jour virgesi war, wëlle mer vum Ordre du jour eroffhuelen, well en direkt zesummenhängt mat dem Projet 6806, deen nach net prett ass, an déi zwee Projete sollen zesummen diskutéiert a verofschit ginn.

Zum Ordre du jour hunn ech eng Wuertmeldung vum Här Claude Wiseler.

► **M. Claude Wiseler** (CSV).- Merci, Här Präsident. Zum Ordre du jour just eng Wuertmeldung; et ass net, fir e Changement unzufroen, mä et ass fir eng prinzipiell Remarque ze maachen.

Ech hunn den Ordre du jour an der Conférence des Présidents matgedroen, mä well mer do och driwwer diskutéiert hunn, wëll ech nach eng Kéier de Prinzip kloer ausdrécken: D'CSV huet hei am Numm vum..., oder mam Marc Spautz zwou Interpellatiounen fir dës Woch gefrot. An déi zwou Interpellatiounen sinn allen zwou als leschte Punkt op den Ordre du jour gesat ginn, den Ordre du jour, mir kennen en all, deen immens laang ass, deen eis och wäert bis ganz, ganz spët an den Owend bréngen. Ech fannen dat net gutt!

Ech fannen et net richtig, net korrekt, datt mer en Deputéierten, dee sech am Fong vill Aarbecht gemaach huet, och nach zweemol op de leschte Punkt setzen, wëssend, datt den Intérêt, wann et méi laang owes gëtt, och net méi deen ass, wéi een dat an der „prime time“ vun der Chamber wäert hunn. Dofir fannen ech dat schued, datt déi Décisioun zweemol esou drun ass.

Och nach vun de Sujeten hier, Wäerteunterrecht op där enger Sait, Aarbechtspolitik, Travail op där anerer Sait, sinn et och a mengen Ae Sujeten, déi an der politescher Aktualitéit sinn. Dofir wollt ech einfach de Präsident bidden, hie mat der Conférence des Présidents bidden, an Zukunft d'accord ze sinn, fir den Ordre du jour a sech besser no der politescher Aktualitéit ze gestalten an och Raum ze ginn, an dee richtige Raum an déi richtig Plaz fir déi Deputéiert, och wa se an der Opposition sinn, déi am Parlament mat vill Engagement hir Aarbecht maachen, datt deen Engagement, déi Aarbecht och kann zu uerdentleche Plage-horairé kommen.

Ech soen Iech Merci, Här Präsident.

► **Plusieurs voix**.- Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*.- Merci. Wann ech de Fraktiounspräsident vun der CSV richtig verstanen hunn, ass et net en Antrag, fir den Ordre du jour ze änneren, mä fir dass mer alleguer nach eng Kéier innere Einkehr maache fir d'Zukunft.

Da géif ech froen, ob den Ordre du jour esou dann akzeptéiert ass.

### (Assentiment)

Dat ass dann esou de Fall. Den Ordre du jour ass akzeptéiert.

Dann hunn ech d'Wuertmeldung vun der Madamm Françoise Hetto fir den Dépôt vun enger Proposition de loi. Dir hutt d'Wuert, Madamm Hetto. A wann ech richtig verstanen hunn, deelt Der Iech d'Riedezäit?

### (Assentiment)

Merci. Dir hutt d'Wuert, Madamm Hetto.

## 6. Dépôt d'une proposition de loi par Mme Sylvie Andrich-Duval

► **Mme Françoise Hetto-Gaasch** (CSV).- Här Präsident, Dir Dammen an Dir Hären, d'Sylvie Andrich an ech, mir déposieren haut eng Proposition de loi, déi engem vulnerabele Grupp vu Mënsche stéckweis entgéintkënn: den Transgenderpersounen. Wéi definéiert een Transgenderpersounen? Abee, dat si Persounen, déi sech net deem Geschlecht zougehéieren reg spieren, dat hinne bei der Gebuert zougewise ginn ass. Si empfangen déi eege Geschlecht Identitéit als eng aner, an dat scho vu Klengem un.

D'Merkmaler vum Kierper, déi scheinbar kloer d'Geschlecht definéieren, gi vum Kand, vum jonke Mënsch dätlich ofgeleent, well si et als falsch an als onpassend empfangen. Just e Kand selwer kann d'Fro beäntweren, ob et trans ass oder net. Just hatt ka soen, wat et empfënnt, wat et fillt a wéi eng Geschlechtsidentitéit et huet.

Dëst ass keng Phas, dëst ass och kee Choix, et ass keng Krankheet an och keng sexuell Orientéierung. Transpersounen si Persounen, déi eng geschlechtlech Émwendung wëlle maachen oder gemaach hunn, Kanner a Jonker, déi fannen, dass se am falsche Kierper liewen. Si gi ganz dacks net verstanen an hirer eegener Famill, vun hirer Émwelt diskriminéiert, hunn am spéidere Liewe ganz vill Problemer, eng Aarbechtsplaz ze fannen, e Logement ze fannen, a si sinn Harcèlement an Haass ausgesat.

Hire Wee bis an den Erwuessenenalter ass e laangen, ee ganz schwéiere Wee. Iwwert d'Berodung, Diagnostic, Psychotherapie, Pubertéitsblocker, d'géigeschlechtlech hormonell Behandlung bis hin zu Operatiounen vergi vill Jore vun Onglécklechsinn. Dëse Persounen gëtt iwwregens och e ganz héijen Taux de suicide zougeschriwwen, mat bis zu 30%, net well si stierwe wëllen, mä well si hirem Leiden en Enn setze wëllen!

D'Assemblée parlementaire vum Conseil de l'Europe huet am Abrëll d'lescht Joer à l'unanimité eng Resolution gestëmmt, wou d'Memberstaaten opgefuert ginn, rapid Prozeduren ze instauréieren, opgebaut op Autodétermination, fir kënnen Numm a Sexe op offiziellen Dokumenter ze changéieren, fir déi obligatoresch Sterilisatioun an Traitement am Kader vun dëser Prozedur ofzeschaffen an Transgender och net méi als mental Krankheet ze klassifizéieren; wat iwwregens och vum Europaparlament gefuert gëtt.

A genee do wollt mir mat eiser Proposition de loi usetzen. D'Sylvie Andrich erkläert Iech elo genee de Contenu.

Merci.

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*.- Merci. An d'Madam Andrich huet direkt d'Wuert.

► **Une voix**.- Très bien!

► **Mme Sylvie Andrich-Duval** (CSV).- Merci, Här Präsident. Dir Dammen an Dir Hären, mat eiser Proposition de loi soll e gesetz-

leche Kader gesat gi fir Transpersounen, wa se hiren État civil spréch hiert Geschlecht an do run unhängeg hire Virnumm wëllen änneren. De Code civil gesäit generell vir, dass bei Ännerungsdemande vum État civil, egal wéi enger Natur, een eng Demande beim zoustännegen Bezirksgericht muss areeche. D'Leit mussen sech en Affekt huelen, de Parquet muss gehéiert ginn an de Riichter ríft eng net ëffentlech Sëtzung an, wou och de Beträffenen derbäi ass, an hält eng Décisioun.

Am Code civil sinn awer keng Konditiounen oder Kritäre virgesinn, deenen de Riichter muss Rechnung droen an esou Fäll. Dat Ganzt baséiert bis elo eenzeg an eleng op Jurisprudenz. Aus dëse gerichtlechen Uerteeler ergëtt et sech, dass Transpersounen, déi hiert Geschlecht an hire Virnumm wëllen änneren, fir de Moment eng ganz penibel a laang Prozedur duerchlafen:

Si mussen beweisen, dass se net méi eens gi mat deem zougewesene Geschlecht, a si müssen d'kierperlech Émwendung dokumentéieren. Dat heescht: eng Diagnos vun enger psychescher Krankheet, enger Dysphorie du genre, meeschtens duerch e Psychiater, hormonell a medezinnesch Traitement, chirurgesch Interventionen un de Geschlechtsorganen, Sterilisatioun a während enger Period d'Liewenserfahrung vun deem Genre gemaach ze hunn, fir dee se sech entscheet hunn. Oft mussen se och eng Psychotherapie maachen. Deen Drock ass immens!

D'Françoise Hetto an ech proposéieren dofir Folgendes: Et soll bei där juristescher Prozedur um Geriicht bleiwen, wéi elo grad beschriwwen, mä et soll en Artikel am Code civil bäikommen, en neien Artikel 99-1, dee seet: Éischens, d'beträffe Persoun brauch keng Preuve méi ze bréngen vun enger Sterilisatioun, enger Hormontherapie oder engem psychiatreschen, psychologeschen respektiv medezinneschen Traitement. Zweetens muss déi Persoun nieft hirem Acte de naissance en Attest virleeën, dass se en Dokter konsultéiert huet, dee se virdrun iwwert d'Konsequenze vun der Ännerung vum État civil informéiert huet. Drëtten gëtt den Dokter säin Avis of iwwert déi gefroten Ännerung, ouni dass dëst awer eng Behandlung oder eng Autorisatioun wier. Véiertens, den Demandeur muss schrëftlech confirméieren, dass e gewëllt ass, säi Geschlecht a säi Virnumm ze änneren, an dëser Ännerung och schrëftlech zoustëmmen, nodeems e vum Dokter déi néideg Informatiounen krut. E Mannerjärege ka keng esou eng Demande maachen, ausser: den Accord vun den Elteren oder dem Représentant légal.

D'Françoise Hetto an ech gesinn dëst als éischte Schrëtt géint eng besteeënd Diskriminatioun an en Tabu, en éischte Schrëtt a Richtung Selbstbestimmung, en éischte Schrëtt, fir dee Problem net méi als Krankheet unzegesinn, en éischte Schrëtt, fir als Lëtzebuerg aus der europäescher Schossinn erauszekommen als e Land, dat déi forcéiert Sterilisatioun nach freet. Ëmmer méi auslännesch Jurisprudenz spriechen sech effektiv dergéint aus. Verschidden europäesch Länner hunn och schonn drop reagéiert.

Eis Propos ass pragmatesch a ka schnell ëmgesat ginn, am Sënn vun deene Beträffenen. Merci un all déi, déi eis bis elo an eiser Démarche ënnerstëtzt hunn an och an Zukunft dat wäerte maachen. Merci.

► **Plusieurs voix**.- Très bien!

► **Mme Sylvie Andrich-Duval** (CSV).- Natierlech déposéieren ech d'Proposition de loi.

**6955** - *Proposition de loi relative à la transsexualité et modifiant le Code civil*

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*.- Merci! Merci och der Madamm Andrich.

## 7. Octroi d'un titre honorifique à un ancien fonctionnaire de l'administration parlementaire

An ech wollt dann nach als lescht Matdeelung d'Chamber informéieren, dass opgrond vun enger Décisioun vum Bureau vun der Chamber an nom Artikel 42 vum Beamtestatut vun der Chamber dem Här Martin Bisenius, Premier conseiller, deen dëst Joer an d'Pensioun gaangen ass, den Eierentitel vu senger Fonctioun zouerkannt gëtt. An ech mengen, ech därerf an eiser aller Numm soen: Merci, Martin!

► **Plusieurs voix**.- Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*.- Haut de Mëtte fänke mer dann eis Aarbechten u mat enger Deklaratioun vum Premier- a Statsminis-